ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Kultur weiderzeleeden.

D'Grafmonument vum Jang de Blannen an der Krypta vun der Kathedral ass geréckelt ginn. Et steet elo net méi am Agank, mee, wat vill méi wierdeg ass, an der Krypta selwer. Am Joer 1999 hat d'Regierung en Architekteconcours ausgeschriwwen, fir e ganz neit Graf fir de Jang de Blannen ze entwerfen. Deemools hat den Escher Architekt Jim Clemes dee Concours fir e Projet, dee besonnesch dem Grand-Duc Jean um Häerz louch, gewonnen. An deem Kader wollt ech d'Madame Kulturminister Folgendes froen:

- Denkt d'Regierung weider drunn, dem Jang de Blannen e neit Grafmonument ze bauen, oder wëll si déi aktuell Situatioun bäibehalen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten